Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2020

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest :

- datt eng Finanztransaktiounssteier der Finanzplaz Lëtzebuerg schuede géif an net effizient wär, wann dës net gläichzäiteg europa- a weltwäit op alle wichtege Finanzplazen agefouert géif ginn;
- datt esou eng Finanztransaktiounssteier, wa si eleng zu Lëtzebuerg agefouert gëtt, d'Gefor vun der Delokaliséierung vu finanziellen Transaktiounen op aner Finanzzentren, déi keng esou eng Steier applizéieren, mat sech brénge géif;
- datt et wichteg wier, sollt esou eng Steier wierklech agefouert ginn, datt op d'mannst all Länner aus der OECD dat misste gläichzäiteg maachen, fir keng konkurrenziell Distortiounen ze kréien;

fuerdert d'Regierung op :

- keng Schrëtt ze ënnerhuelen, fir zu Lëtzebuerg eng Finanztransaktiounssteier anzeféieren, wann dës net gläichzäiteg weltwäit op alle wichtege Finanzplazen agefouert gëtt, op d'mannst awer an alle Memberstaate vun der OECD.

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame · L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**